

# Regulus Junior-Club



## Programm

## Abrëll - September 2022



natur&ëmwelt a.s.b.l.


**Regulus Junior-Club**
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
secretariat@naturemwelt.lu
**www.naturemwelt.lu**

## Donneschdes, de 28. Abréll 2022

# Buedemfuerscher



Ob am Kompost, Bliederkoup, doudege Bamstamm oder Bëschbuedem, et wibbelt, kraicht a flaicht a waart nëmmen drop, dass mir mat eise Pinselen a Becherlupe komme fir dat klengt Gedéiesch opzesammelen an ze beobachten.
Mir probéieren och e Minibiotop ze bastelen.




**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*





**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 5 €





Sonndes, den 1. Mee 2022

# Laf fir d'Natur

Fir all sportlech Naturfrënn. Mir lafe fir de Naturschutz! Och d'Elteren sin häerzlech wëllkomm fir déi grouss Course (5 oder 10 km)!

## Kidslaf: 1 km



<u>Treffpunkt</u>:
Kockelscheier,
*Haus vun der Natur*


<u>Départ</u>:
10.00 Auer

**Vun 10.00 bis 12.00 Auer sin nach flott Naturatelier'en vum Regulus Junior-Club virgesinn!**

## Dënschdes, den 17. Mee 2022

# Musik aus Recycling

Mir bastelen eis eegen Musikinstrumenter aus Recyclingmaterial. Duerno probéiere mir natierlech aus wéi eng flott Musik mir domadder maachen kënnen!!!!




**Auerzait:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:**
5 €



Samschdes, den 11. bis Sonndes, den 12. Juni 2022

# Fliedermausnuecht

Deen Owend dréit sech alles ëm d'Fliedermaus. Iwwernuecht gëtt zu Iechternach an der Jugendherberge.

**Dauer:**
Samschdes Owes (17.00 Auer) bis Sonndes Mëttes (14.00 Auer)

**Treffpunkt:**
Zu Iechternach an der Jugendherberge

**Alter:**
8 – 12 Joer

**Onkäschten:** 40 €



# Dramfänger

No der indianescher Legend kommen nëmme gutt Dreem bei eis un, di schlecht bleiwen am Netz vum Dramfänger hänken. Mir bastelen eis selwer esou een „Dreamcatcher“, dee mir hannenno och mat Heem kënnen huelen.





**Auerzait:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 8 €





**Samschdes a Sonndes, de 18. an 19. Juni 2022**

# Fest vun der Natur

Wéi all Joer bitt d’Fest vun der Natur vill Interessantes iwwert eis Natur an Ëmwelt. Et lafen vill flott Aktivitéiten deen Dag beim Haus vun der Natur! Komm mat denger ganzer Famill laanscht a looss dech iwwerraschen!!!!!!




**<u>Auerzaiten:</u>**
Samschdes, 14.00 – 18.00 Auer
Sonndes, 10.00 – 18.00 Auer

**<u>Wou?</u>**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*






Dënschdes, den 28. Juni 2022



# Fräschen, Reckeschwëmmer & Co.

Wéi eng Déieren liewen am Weiher? Alles Froen, déi mir op dësem flotte Nomëtteg matt Beobachtungen a Spiller ronderëm de Fräsch zesummen matt lech wëllen erausfannen.

**Auerzait:**
14.30-17.00 Auer



**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*



**Alter:**
6 bis 9 Joer

**Onkäschten:**
5€

## Donneschdes, den 7. Juli 2022

# Wisenzauber

Mir ginn op Entdeckungsrees an d'Blummewiss a probéieren erauszefannen wéi eng Blummen do wuessen an wat do krabbelt a flitt.
Komm mir tauchen an d'Blummewelt an!



**Auerzait:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:**
5 €



Dënschdes, den 12. Juli 2022

# Den Uhu – Kinnek an der Nuecht



Mir probéieren den Vull vum Joer 2022 besser kennenzeléieren. Wou lieft en? Wat fresst en? Wat kenne mir fir hien machen, fir dass et him erëm besser geet? Dat sinn alles Froen, déi mir op dësem Nomëtteg mat flotte Spiller wëlle beäntweren.

**Auerzait:**
14.30-17.00Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*





**Alter:**
8 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 5€

**Mëttwochs an Donneschdes, den 20. an 21. Juli 2022**

# „De Feierkäppchen“

## een Theaterstéck

Mir iwwerleeën eis eng kuerz Geschicht, déi an der Natur spillt, schreiwen e klengt Dréibuch, bastelen eis flott Kostümer a probéieren e flott Theaterstéck op d'"Bühn" ze stellen.☺



**Auerzaiten:**
Mëttwochs, 10.00 – 16.00 Auer
Donneschdes, 10.00 – 16.00 Auer, ab 15.00 Auer mat Publikum (Elteren a Famill)

**Treffpunkt:**
*Haus vun der Natur*,
Kockelscheier



**Alter:**
6 bis 14 Joer

**Onkäschten:** 20 €

## Donneschdes, den 4. August 2022

# Feierkichen

Dësen Dag si mir Feierkäch a bereeden eist Mëttegiessen vir, fir et duerno um Feier ze kachen. Dono machen mir eis och gutt Dessert'en um Feier. An der gemittlecher Ronn loossen mir ons et gudd schmaachen!





**Auerzait:**
11.00-14.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:**
10 €



## Dënschdes, den 9. August 2022



# Rallye am Bësch

Eng spannend Schnitzeljuegd duerch de Bësch! Wou lieft de Biber a wien huet do seng Spueren hannerlooss? Hëllef eis d'Rätsel vum Kockelscheierbësch ze léisen an entdeck de Bësch a seng Déieren op eng cool a spilleresch Aart a Weis.

**Auerzait:**
10.00-12.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*








**Alter:**
9 bis 12 Joer

**Onkäschten:**
5€

**Sonndes, den 11. September 2022**

# Naturmusées-Fest

D'Musées-Fest am Gronn beim Neimënster bitt vill flott Atelier'en iwwert eis Natur an Ëmwelt.
De **Regulus Junior-Club** ass och erëm mat dobäi.
Komm mat denger ganzer Famill laanscht a looss dech iwwerraschen!!!!

**Auerzait:**
10.00 – 18.00 Auer

**Wou?**
Neimënster
*Lëtzebuerg-Stad*



Numm: ____________________

Numm (Mamm): ____________________

Numm (Papp): ____________________

Adress: ____________________

Uertschaft: ____________________

Gebuertsdatum: __________ Telefon: ____________________

GSM (Mamm): __________ GSM (Papp): __________

Mail: ____________________

mellt sech un fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken oder mailen un de Regulus Junior-Club)

O Buedemfuerscher 28.04.2022

O Laf fir d'Natur 01.05.2022

O Musik aus Recycling 17.05.2022

O Fliedermausnuecht 11. + 12.06.2022

O Dramfänger 14.06.2022

O Fräschen, Réckeschwëmmer & Co. 28.06.2022

O Wisenzauber 07.07.2022

O Den Uhu 12.07.2022

O De Feierkäppchen 20. + 21.07.2022

O Feierkichen 04.08.2022

O Rallye am Bësch 09.08.2022

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
secretariat@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu